



© Not Putting on a Shirt

## Et ass wichteg wéi's du ausgesäiss

→ Kann ech mir virstellen, fir ëmmer e flaachen Torso ze hunn?
→ Huet mäi Chirurg eng Ausbildung an d'Kompetenz fir e Buste plat ze modelléieren?
→ Wat fir eng Operatiounsmethod ass déi richteg fir mech?
→ Weis onbedéngt dengem Dokter an dengem plastesche Chirurg, wéi's du wëlls ausgesinn. Huel Beispillfotoe mat.
→ Patientinne si vill méi zefridden wärend der Behandlung, wann hir Dokteren an hir Fleegeéquipe hir Wiel ënnerstëtzen.
→ Kann ech och all Broschtprothesen op e Buste plat undoen? Jo, et ass vill méi einfach an agreabel, wann däin Torso an deng Läinzeeche schéi flaach sinn.
→ Kann ech déi wichteg Decisioun, flaach wëllen ze bleiwen eleng huelen? Wann's du onsécher bass oder Angscht hues, looss dech vun enger Psychologin oder enger Kriibsorganisatioun beroden.

## Kontakt

**Meng Wiel**
www.mengwiel.org
mengwiel@gmail.com

Versioun 2026.06

# Meng Wiel

- Evenementer
- Informatiounen
- Linken
- Neiegkeeten

De Buste plat no enger Mastektomie bei Broschtkriibs

www.mengwiel.org

# Meng Wiel

**informéiert iwwer de Buste plat no enger Mastektomie bei enger Broschtkriibserkrankung.**
**Et ass eng nei Méiglechkeet vun Thoraxrekonstruktioun.**

*Am englesche Sproochgebrauch heescht dës Zort vu Rekonstruktioun:*
**"Aesthetic flat closure – AFC"**

*Op franséisch a lëtzebuergesch soe mir:*
**"Buste plat"**

| |
|---|
| De Begrëff "Buste plat" erschéngt fir d'éischte Kéier am "Référentiel national de la prise en charge du cancer du sein", Versioun 2 vum 21.07.2025. |

## Du bass net eleng

Eng ganz grouss Zuel vu kranke Frae verléieren eng Broscht oder hir Bréscht, duerch eng Mastektomie bei der Behandlung vum Broschtkriibs oder well si präventiv eng Broschtkriibserkrankung verhënnere wëllen. Et gëtt eng Unzuel vu Fraen, déi leider vun enger Genmutatioun betraff sinn. Aner Fraen mussen oder wëllen hir Broschtimplantater eraushuele loossen, well si déi net méi verdroen.

Du bass just diagnostizéiert, a Behandlung, a Remissioun oder virun enger Explantatioun. Et gi ganz vill Informatiounen, a ville Sproochen, fir Fraen déi plangen no hirer Mastektomie e Buste plat ze behalen.

Scan dëse **QR Code** an entdeck, op eiser Internetsäit Berichter, Filmer, Fotoen, Héllefsgruppen, Websäiten, Informatiounen zum Thema Moud, Schwester Organisatiounen, interessant Podcasten, privat Gruppen a flott Webinären iwwert de Buste plat. Léier interessant Frae kennen, déi wéineger wéi zwou Bréscht hunn. Si weisen dir, a kreativer Manéier, wéi et sech ufillt an ugesäit mat engem schéinen, flaache Broschtkuerf ze liewen.

www.mengwiel.org

## De Buste plat

Et ass  eng Operatiounsmethod fir Broschtkriibs Patientinnen, wann eng Broscht oder di zwou Bréscht mussen oder wëllen erofgeholl ginn.
De Broschkuerf gëtt esou zougemaach, datt kee Broschttissu, kee Fett a keng Haut iwwerstinn. Et dierfe keng Kaulen entstoen. D'Äerm musse voll beweeglech sinn. De Broschtkuerf ass schéi flaach mat propper gebitzte Cicatricen. Am Fall vun enger doubler Mastektomie ass de Broschtkuerf symetresch.

De Buste plat ka selbstverständlech och gemaach ginn, wa Broschtimplantater erausgeholl ginn oder Bréscht präventiv mussen oder wëllen erofgeholl ginn, wann eng Patientin z. B. vun enger BRCA 1 oder BRCA 2 Mutatioun betraff ass.

Et ass immens wichteg, datt de Buste plat och männleche Broschtkriibspatienten no enger Operatioun zegutt kënnt.

## Frae wielen de Buste plat well

→ Flaach sinn ass gesond. Normalerweis entwéckele sech wéineg Komplikatiounen. Eng Fra ass séier erëm a Form an et gi keng Risiken op laang Dauer duerch de Buste plat.

→ Flaach sinn ass fleegeleicht. Et brauch kee Friemkierper andauernd kontrolléiert ze ginn an et brauche keng zousätzlech Operatioune gemaach ze ginn.

→ Flaach sinn ass eng regelrecht Rekonstruktioun. Et ass eng valabel Alternative zu engem Broschtopbau. Studie beweisen, datt schéi flaach operéiert Frae genee esou zefridde sinn, wéi Fraen déi en Opbau mat Silikon oder Eegentissu hunn.

→ Flaach si gesäit gutt aus. Duerch de Buste plat gesäit de Broschtkuerf flaach an natierlech aus. D'Gezei dreet sech besser a verrutscht net. Prothesen hale besser.

→ Flach si bréngt mat sech, datt sportlech Aktivitéite méi einfach ze maachen sinn. Eng Fra mat engem Buste plat brauch keng speziell an deier Ënnerwäsch oder Héllefsmëttel méi, wa si dat net wëll.

Fir d'Inspiratioun bei der Entwécklung vun dësem Flyer soe mir de Membere vun

**AMSOB - Ablatio mammae - Selbstbewusst ohne Brust** www.amsob.de

an

**Not Putting on a Shirt** www.notputtingonashirt.org

villmools Merci.